adr ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

QP N°3192

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Christine Wirtgen , 07:58, 24/11/2020

Lëtzebuerg, den 23. November 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister an un den Här Policeminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro (N°3111) informéiert den Här Staatsminister, datt et engem Staatsbeamten opgrond vun engem technesche Mëssel effektiv gelonge wier, eng Rei Mataarbechter vum SREL ze identifizéieren. Weider heescht et an der Äntwert:

„D'Identitéit vun de Mataarbechter vum SRE muss am Exercice vun hirer sensibeler Missioun am Déngscht fir déi national Sécherheet beschtméiglech geschützt ginn. D' Regierung schafft permanent dorun, deem Rechnung ze droen."

Den Här Staatsminister informéiert dann awer och, datt et a sengen Aen net noutwendeg war, de Parquet ze saiséieren, well d'Lëscht vun de Mataarbechter néierens publizéiert gouf.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Staatsminister:

1. Wien dréit d'Verantwortung dofir, datt et zu sou engem Incident konnt kommen? Wéi konnt et sinn, datt d'Sécherheet vum Geheimdéngscht informatesch net besser protegéiert gouf?
2. Gouf an der Vergaangenheet net getest, wéi sécher déi Donnéeë vum SREL sinn? Wéi kann et sinn, datt eng Privatpersoun mat deenen einfachste Mëttelen un esou Informatioune kënnt?
3. Datt d'Lëscht vun de Nimm vun de besote SREL-Mataarbechter net publizéiert gouf, heescht net, datt se net iwwert en anere Wee, deen der Regierung eventuell net bekannt ass, no bausse gedroe ginn ass oder datt aner Déngschter, Organisatiounen oder Persounen net och un déi selwecht Donnéeë konnte kommen. Kann d'Regierung sécherstellen, datt déi besote Lëscht net awer iwwert aner Weeër no bausse gedroe ginn ass?
4. Wa jo, op wat baséiert sech den Här Staatsminister, fir d'Net-Veréffentleche vun där Lëscht ze garantéieren?
5. Ass an deem Kontext séchergestallt, datt d'Anonymitéit vu SREL-Mataarbechter weiderhin zu all Moment garantéiert ass?

6. Hunn als Konsequenz vun deem Daten-Leak SREL-Mataarbechter misse versat ginn oder kruten eenzeler vun hinnen eng nei Tâche zougedeelt?
7. Wéi eng konkret Moossname gi geholl, fir esou e Leak an Zukunft ze verhënneren? Ginn och Moossnamen um Niveau vum Centre des technologies de l'information de l'Etat geholl?
8. Och an der Police gëtt et Unitéiten, déi besonnesch sensibel Missiounen erfëllen. Ass no dëser Affär beim SREL iwwerpréift ginn, ob d'Sécherheet vun deene Beamte geschützt ass?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 23 décembre 2020

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

<u>Objet</u>: **Réponse commune de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, et de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure à la question parlementaire n°3192 posée par l'honorable Député Monsieur Fernand KARTHEISER au sujet d'une « fuite d'informations auprès du Service de Renseignement de l'Etat ».**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire n°3192 du 23 novembre 2020 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

Ministre d'État

**Äntwert vum Här Xavier BETTEL, Premierminister, Staatsminister, a vum Här Henri KOX, Minister fir bannenzeg Sécherheet, op d'parlamentaresch Fro n°3192 vum 23. November 2020 vum Här Deputéierten Fernand KARTHEISER.**

D'Regierung ënnersträicht, datt et net „zu engem Incident" komm ass, wéi dat an der parlamentarescher Fro duergestallt gëtt. Et kann och net Rieds sinn vun engem „Daten-Leak". Et gouf zu kengem Moment d'Méiglechkeet, vu baussen op Donnéeen zréckzegräifen, déi sech um staatlechen informatesche Réseau befannen an doduerch geschützt sinn.

Wéi d'Regierung schonn op déi parlamentaresch Fro n°3192 geäntwert huet, war et deem Staatsbeamten just méiglech, sou eng Lëscht ze erstellen, well e wéinst senger Funktioun beim Staat en Accès huet op den internen, geschützten informatesche Reseau vum Staat. D'Duerstellung, et géing sech bei deem Beamten em eng „Privatpersoun" handelen, déi „mat deenen einfachste Mëttelen un esou Informatiounen kënnt", ass deemno falsch.

Et ass den Detenteur vun der Lëscht, dee responsabel ass fir hire Gebrauch. De concernéierte Beamten ass och drop higewise ginn, wat d'Riske wieren vu engem Deelen oder Diffuséieren vun där Lëscht un Drëtter. Der Regierung ass kee weidere Gebrauch vun der Lëscht bekannt.

De Geheimdéngscht huet séng intern Mesuren fir d'Protektioun vu sénge Mataarbechter weider verschäerft.

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°3192 ze liesen ass, muss d'Identitéit vun de Mataarbechter vum SRE am Exercice vun hirer sensibeler Missioun beschtméiglech geschützt ginn. D'Regierung schafft permanent dorun, deem Rechnung ze droen. Dozou gehéiert och eng enk Zesummenaarbecht tëscht dem SRE an dem CTIE.

Déi parlamentaresch Kontrollkommissioun vum Geheimdéngscht gëtt permanent iwwert Mesuren an dësem Kontext informéiert.

Bei der Police mussen all d'Prozeduren kontradiktoresch kënne gefouert an all Kontestatioun vum Bierger muss kënnen iwwerpréift ginn. Dat verlaangt dofir, dass d'Identitéite vun de concernéierte Beamten bekannt sinn. An deem Sënn droen z.B. d'Protokoller esou wéi och d' Rapporten d'Nimm vun all de konstatéierende Beamten. Et ginn awer och e puer Missiounen an der Police déi méi sensibel sinn, a wou d'Affektatioun vun de Beamten an deenen Unitéiten méi diskret behandelt gëtt, ouni et awer am selwechten Ausmooss ze gesinn wéi dat beim SRE de Fall ass.